Comité de la conférence du LTA
Lycée technique agricole
72, Avenue Salentiny
L-9080 Ettelbruck

Un d’Gewerkschaften aus dem Secondaire

Ettelbréck, de 25. Juni 2020

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

Mir si schockéiert vun der Decisioun vum Minister Meisch fir d’A- a B-Gruppe fir déi lescht zwou Wochen rëm opzehiewen!

Fir d’éischt stelle mer eis di grondsätzlech Fro wéi et rëm soll méiglech sinn an enger Klass mat méi wéi 20 Leit kënnen normal Schoul ouni Masken ze halen. Am neie Covid-Gesetz steet Folgendes:

> (2) Les rassemblements accueillant au-delà de vingt personnes à l’occasion d’événements publics exercés dans un établissement fermé ou dans un lieu ouvert sont autorisés sous la double condition de la mise à disposition de places assises assignées aux personnes qui assistent à l’événement et le respect d’une distance de deux mètres entre les personnes, sans que le port du masque soit obligatoire. Le port du masque est obligatoire à tout moment pour le personnel encadrant et pour les participants lorsqu’ils ne sont pas assis. La limitation concernant les places assises ne s’applique pas pour l’exercice de la liberté de manifester ni à l’occasion de cérémonies de funérailles à l’extérieur et aux acteurs cultuels, culturels et sportifs.

Et ass fir eis net ze verstoen datt dëst awer net fir Schoulklasse gëllt an dat just well eng Schoulklass keen “événement public” ass. Wéi wann dem Virus sou juristesch Hoersplëckereien net egal wären...

Zwou aner Saache si fir eis wichteg ze ernimmen:

1. Een Enseignant am Secondaire huet mat vill méi Schüler Kontakt wéi een Enseignant aus dem Fondamental, dat ka bis zu iwwer 200 Schüler an enger Woch goen (10 Klasse mat 20 Schüler an engem Fach vun 2 Stonnen an der Woch) deen normalerweis just Schüler aus enger Klass huet.
2. Och wann et elo anscheinend Studie ginn déi behaapten, datt Kanner manner vulnerabel wieren an och manner géifen anerer ustiechen ass dat Argument am Secondaire net valabel. Mir hu vill erwuesse Schüler fir déi déi nei Studie bestëmmt net gëllen.

Et ginn also eng ganz Partie Argumenter firwat mir de Meenung sinn et soll een elo net just virun der Vakanz sou Experimenter mat Schüler, Proffen a Schoulpersonal maachen. Niewent dëse Gesondheetsaspekter kommen awer nach ganz vill Problemer um organisatoresche Plang derbäi an et ass net esou wéi de Minister Meisch behaapt, datt de Stonneplang net rëm misst nei ugepasst ginn.

Hei sinn e puer Beispiller di dat besser weisen:

1. Verschidde Klasse mat klengem Effectif sinn net an A- a B-Gruppen opgedeelt ginn, mee sinn alleguer zesummen an d'Schoul komm. Sou hate verschidden Enseignantë an der A- a B-Woch ganz verschidde Stonnepläng an esou ware se disponibel fir aner Stonnen ze iwwerhuelen, déi ugefall sinn , well z.B. viru Corona an de Sprooche Schüler aus bis zu 5 verschiddene Klassen an engem Cours zesummesouze fir Effektiver ze spueren. Bei der neier Organisatioun sinn dës Unterrichter erëm ausernee geholl ginn, wat awer elo net méi méiglech ass, well déi Enseignantë elo net méi disponibel sinn.
2. Bei den Travaux pratiques ass et och esou, datt well d'Gruppe méi kleng waren, manner Enseignantë fir déi praktesch Course gebraucht gi sinn. Déi Enseignantë konnten da fir aner Stonnen agesat ginn.
3. Verschidden Enseignantë, déi vulnerabel sinn, konnten awer, no Récksprooch mat hirem Dokter an d'Schoul kommen, well se kleng Gruppen haten an déi och wäit ewech souzen. Mat ganze Klassen a grousse Gruppe geet dat elo net méi an et stellt sech d'Fro op déi Enseignantë net rëm mussen doheem bleiwen.

All déi Problemer bréngen et mat sech, datt de Stonneplang rëm nei muss ugepasst ginn a jiddereen dee sech e bëssen domadder auskennt weess, datt wann ee bis ufänkt e klengt Stéck ze réckelen ee riskéiert dat ganzt an de Koup ze geheien.

Wat am Fondamental (oder an engem klassesche Lycée) villäicht ouni gréisser nei Stonneplang-Ännerungen an Adaptatioune méiglech ass (mir wëssen et awer net genee), ass am Lycée technique Agricole mat senge ville Klassen aus der Formation professionnelle ganz schwéier méiglech .

E ganz spezifesche Problem vum LTA sinn dann och nach déi vill Transporter an de Mini-Bussen (fir z.B. mat de Schüler an de Bësch ze fueren). An de leschte Woche konnten d'Mëttelsëtzer fräi gelooss ginn, sou datt e gewëssen Ofstand tëscht de Schüler garantéiert war. Mam Ofschafe vun den A- a B-Gruppen ass dat elo net méi méiglech an et kann een sech berechtegt Froen iwwer d'Sécherheet stellen.

Och um pedagogeschen Niveau gesi mir elo keng gréisser Virdeeler fir alles op d'Kopp ze werfen. Den Homeschooling, dee mat ganz vill Asaz vun den Enseignantë organiséiert ginn ass, hätt och déi 2 lescht Wochen nach kënne weiderfunktionéieren.

Wann een dat elo alles zesummenzielt, muss een zur Konklusioun kommen, datt mer dem Här Minister Meisch seng Argumenter net kënnen novollzéien, an datt mer ganz vill Argumenter konnten opzielen, déi fir d'Bäibehale vun den A- a B-Gruppe schwätzen.

Mir ruffen dofir d'Gewerkschaften op, eis Fuerderung nom Status Quo an eisem Lycée ze ënnerstëtzen!

An deem Sënn verbleiwe mir mat deenen allerbeschte Gréiss.

Fir de Comité de la conférence aus dem LTA,

Ronny Krier,
Präsident

Cary Michels,
Sekretär